ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Abrëll 2022

Här President,

esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

D'Ausbildung vum Nowuess am Handwierk an déi entspriechend Roll vun eisen ëffentleche Schoulen ass eng Fro, déi an eiser Gesellschaft ëmmer rëm kontrovers diskutéiert gëtt, net zulescht wärend enger Interpellatioun den 10. Mäerz an der Chamber.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi vill Schüler ware fir d'Schouljoer 2021-2022 an der Beruffsausbildung ageschriwwen, a wéi vill hunn am Laf vun deem genannte Schouljoer ofgebrach?
2) Kann den Här Minister eng Tabell presentéieren, déi den Taux d' Echec pro Branche, pro Schouljoer fir den Zäitraum vun 2010 bis de September 2020 opschlësselt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten